



Elo gëtt geschwat vun dem Suivi individuel. Ech mengen, dee steet oft genuch am Projet. Mä de Suivi individuel, dee muss um Terrain stattfannen! Dee fënnt net am Projet statt, dee fënnt um Terrain statt. An dee fënnt statt, well d'Conseillers professionnels éischters Zäit hunn; mir mussen also d'Zuelen nach weider reduzéieren, wou se sech mat Demandeurs d'emploi beschäftegen, a si brauchen eben eng méi komplett Orientatioun, méi eng komplett Form vun der Aarbecht.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

An do ass d'Instrument geschaf! Mir hunn eng Convention de collaboration, an déi Convention de collaboration, déi erlaabt précisément, den Demandeur d'emploi besser kennenzeléieren, all seng Facetten ze kucken an ze kucken: Wou si seng Schwächen, wou si seng Stärken, wou musse mer dat kompenséieren iwwer Formatiounen, déi e brauch, fir seng - obwuel ech dat Wuert net besonnesch gär hunn - Employabilitéit ze verbesseren an en esou op den Aarbechtsmaart zrëckzebréngen?

Nun huelen ech eng aner Proposition eraus, et ass déi vum Här Bauler, dee seet, ma mir hätte misse méi mat privaten Acteuren oder privaten Entitéiten zesummeschaffen. Och do, Här Bauler, hutt Der d'Gesetz net esou gelies, wéi ech eigentlech vun lech dat erwaart hat.

(Brouhaha)

► **M. André Bauler (DP).**- Ah sou!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Well mir hunn ons déi Moyenen am Gesetz ginn. Dat steet vläicht net op 24 Zeilen, mä et steet ganz kloer do, datt d'ADEM d'Méiglechkeet huet, mat privaten Entitéiten zesummeschaffen. Geschitt dat net elo schonn? Natierlech geschitt et elo schonn!

A wa vu Beschäftigungspolitik geschwat gëtt, wat ass da Beschäftigungspolitik? Dat ass e groust Wuert. Mä Beschäftigungspolitik, déi deklinéiert sech an eng Kooperatioun mat deenen, déi, wéi Der richteg sot, d'Aarbechtsplaz schafen. Beschäftigungspolitik vun uewen erof kann net funktionéieren. Beschäftigungspolitik muss haaptsächlech mat deenen zesummen ausgeschafft ginn, wou d'Aarbechtsplaz geschaf ginn.

An dat si mer amgaangen ze maachen, wa mer dee Programm „Fit4Job“ an de Finanzsektor bruecht hunn, fir ze probéieren, e Maximum vu Leit, déi an deem Sektor hir Aarbechtsplaz verluer hunn, erëm zrëck op eng Aarbechtsplaz ze bréngen. A mat engem reelle Succès, well mir sinn elo beim véierte Programm, an eng ganz Rei Leit hunn erëm eng Aarbechtsplaz am Finanzsektor fonnt, well se zesumme mam Sektor evaluéiert gi sinn, hir Kompetenze gekuckt gi sinn, an natierlech zesumme mat der ADEM an dem Sektor d'Vermittlung organiséiert ginn ass.

An dat, wat mer beim Finanzsektor maachen, dat maache mer beim Commerce; dat leeft elo ufanks des Joers un. Ech hat virun e puer Deeg d'Horeca do, déi interesséiert ass, en ähnleche Projet ulafen ze loossen. D'Chambre des Métiérs, mat där si mer amgaangen, fir ze kucken, wéi mer och d'Handwierk, wat jo ee vun deene Créateurs d'emplois nach hei zu Lëtzebuerg ass, wéi mer och do besser d'Leit kënnen an d'Handwierk orientéieren.

Dat ass konkret Beschäftigungspolitik, net iwwer grouss national Pläng iwwer Beschäftigung, mä konkret mat den Acteuren zesumme kucken: Wéi brénge mer et fäerdeg, Leit, déi am Chômage sinn, jonk Leit, déi eng Aarbechtsplaz sichen, schnell an eng Beschäftigung ze kréien? Wat brauche se? Brauche se Formation complémentaire, da gi mer hinne se, awer déi muss och définiert ginn, mat den Entreprises, mat den Employeuren, fir datt se och wierklech et erlaabt, an eng Aarbechtsplaz eranzekommen.

Dat sinn also e puer Iwwerleeungen, déi ech hei wëllt maachen. E Punkt: Struktur a Kultur - jo natierlech, dat do ass d'Kultur, an op déi Kultur kënn et un. An ech wëll do ee Wuert soen zu deem, wat den Här Spautz am Ufank gesot huet, dat ass de Management. An do, mengen ech, ass e groussen..., eppes, wat nach net ëmmer hei zu Lëtzebuerg ukomm ass.

Eng Administratioun heescht net, administréieren, eng Administratioun heescht och Management. An ech mengen, wa mer vu Réforme administrative schwätzen, dann heescht dat natierlech, dee Geescht vu Management, vun Organisatioun, vu Kommunikatioun, vun Transparenz, vun Écoute an d'Betriber, mä och an d'Administratiounen erabréngen. An ech mengen, dat ass effektiv ee groussen Défi, datt mer an deem Sënn d'ADEM ëmbauen an datt mer déi Reform mat de Leit fäerdegbréngen. Mir bréngen déi net géint d'Leit, déi an der ADEM schaffen, fäerdeg. Mir brénge se nëmme

mat de Leit, déi an der ADEM schaffen, fäerdeg. Dat ass dee reellen Défi.

Duerfir hu mer och déi Reform mat de Leit ugefaangen. Mir hunn - wa gesot gëtt, periodesch Réuniounen organiséiert -, natierlech hu mer periodesch Réuniounen, well d'Leit net sollen d'Gefill hunn, datt iwwer hir Käpp ewech décidéiert gëtt, mä datt muss probéiert ginn zesummen - mat all deene gudden Iddien, déi all déi Leit hunn, déi jorelaang an där ADEM schaffen, hiren Experienzen, hire Frustratiounen, hiren Déceptiounen, awer op déi eng Äntwert fonnt gëtt! -, datt mer do dee richteg Wee fannen, fir an déi richteg Richtung ze goen.

Eng lescht Remarque fir d'Orientatioun. Madame Loschetter, ech si verwonnert, datt Dir esou vill iwwert d'Absence vun Orientatioun geschwat hutt. Och do ass dat en Artikel, ech mengen, dee méi kloer net am Gesetz ka stoen. Dir hutt ugeprangert, datt misst zesumme-geschafft ginn tëschent den Acteuren, besonnesch fir déi Jonk.

Mä Orientatioun ass net nëmme eng Saach vun deene Jonken. Orientatioun gëtt och ëmmer méi eng Saach vu manner Jonken, vun all deene Leit, déi mussen hir Aarbechtsplaz änneren, déi hir Aarbechtsplaz verléieren, déi hir Qualifikatioun op eemol dévaloriséiert kréien, well se net méi gebraucht gëtt. Orientatioun ass eppes Breedtes, wat net nëmme déi Jonk ugeet, mä och Leit, déi schonn e bësse méi al sinn.

Den Artikel 622-18, dat ass relativ um Schluss vum Gesetz, dee seet ganz kloer, énumériert ganz kloer all déi Acteuren, déi mussen zesummebruecht ginn, a seet: „Cette collaboration peut être organisée dans le cadre d'une structure commune de l'orientation.“. Eh bien, dës Structure commune de l'orientation wäerte mer, an Dir sidd häerzlech als Schäfte vun der Stad Lëtzebuerg, Sozialschaffen, agelueden...

► **M. le Président.**- Här Minister, erlaabt Der, datt d'Madame Loschetter lech eng Fro stellt?

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Jo.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Merci. Ech weess, Här Minister, datt Dir elo gläich eppes aweit. Ech weess och, datt dee Saz am Artikel steet. Mä ons Kritik war eng ganz aner. Ons Kritik war: Mengt Dir - oder d'Fro, déi ech lech stellen -, mengt Dir net, et wier sënnavoll gewiescht, lech vläicht nach sechs Méint ze huelen an dann e Projet ze déposéieren, wou net nëmme drasteet, datt Dir wëllt mat deenen zesummeschaffen? Oder wëllt Dir per Règlement grand-ducal elo iergendwéi de Modus définéieren, wéi en Arbeitsamt mat enger Maison de l'orientation an notament och mat aneren Institutione soll schaffen, déi vläicht anescht si wéi just d'Commission de suivi?

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Ech si verwonnert: Dir hutt op där enger Säit gesot, d'Zäit, déi wier knapp a mir hätte schonn Zäit verpasst, fir déi Reform ze maachen - a mir sollten elo nach eemol sechs Méint huelen, fir ze kucken, wéi mer...

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Dir hat zwee Joer Zäit!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Neen, d'Maison de l'orientation, déi mécht op, wahrscheinlech am Februar oder am Mäerz. D'Modalitéiten, wéi do zesummegeschafft gëtt, déi si fixéiert, a mir brauchen duerfir net laang Gesetzter ze maachen. Mir sinn e Land, wat mengt, mir missten alles iwwer Gesetzter regelen. A mir brauche Joren, ier mer e Gesetz adoptéiert hunn!

Neen, ech mengen, wann et eng Maison de l'orientation gëtt, wou all d'Acteuren, Dir hutt se entre autres e bëssen alleguer genannt, ob dat elo d'ALJ ass, ob et de SPOS ass, ob dat de Service d'orientation vun der ADEM ass - ech hoffen, datt och d'Héichschoulservicer do matmaachen, de CEDIES -, wou déi sech regroupéieren an enger Maison de l'orientation. Duerfir, dee Wee, deen Dir opgezeechent hutt vun deem Jonken - dee vun der ALJ bei en anere Service iwwert d'Schoul net weess, wou en higee -, dee weess da ganz genau, wou seng Adress ass a wou e richteg berode gëtt an net sechsmol dat nämlech gesot kritt, mä eemol gesot kritt, wat säi Wee, säi méigleche Wee, no sengem eegene Choix natierlech, kéint sinn.

An déi Maison de l'orientation kënn op d'Stäreplaz; d'Locatioun ass gemaach. Mir kënnen also ganz schnell démarriieren a mir brauchen net nach eng Kéier sechs Méint ze verléieren, fir déi Maison de l'orientation opzemaachen.

Voilà, ech mengen, de Service employeurs wollt ech awer nach kuerz uschneiden. Och do ass gesot ginn, d'ADEM misst e Guichet unique hu

fir d'Employeuren. Mä genau dat ass et, wat mer am Text stoen hunn. An dat ass och amgaangen, en place gesat ze ginn. D'ADEM huet u sech - ech hunn dat Wuert, et ass gesot ginn, „Clients“ a priori net besonnesch gär; „Usageren“, loosse mer emol et besser esou nennen - zwou Zorte vun Usageren: op där enger Säit den Employeur, ouni deen näischt geet, well ouni Offere kann déi bescht ADEM kee vermëttelen, an natierlech den Demandeur d'emploi.

A fir den Employeur, fir déi Confiance ze gewinnen, déi mer brauchen, fir aus der ADEM dat Instrument ze maachen, wat mer wëllen, richte mer e Service employeurs an, wou d'Employeuren all Informatiounen kréien, wou se gehollef kréien, och fir hir eegen Offeren. Well oft sinn d'Offeren och net ganz prezis! Wa gesot gëtt, et gëtt dee Falschen dohinner geschéckt, dann ass dat och oft, well d'Offer net genügend définéiert ass a genügend preziséiert ass!

An e leschte Punkt ass - keen huet et gesot - den Délégué à la formation, d'Koordinatioun vun der Formatioun, d'Evaluatioun vun alle Programmer, déi et fir Formatioun gëtt. Well och do: D'Wuert magique „Formation“ ass net eng Léisung fir alles - mir mussen och do mat enger gewëssener Prudenz drugoen! Ech mengen, dat, wat mer de Leit wëlle ginn, dat ass net „formation pour la formation“, dat ass eng Qualitéitsformatioun, mat där se och kënnen an hirem zukünftege Berufsliewen eppes ufänken. An duerfir ass d'Schafe vun engem Délégué à la formation virgesinn.

Ech mengen, dat ass en zentraalt Element vun enger moderner ADEM, an ech hoffen, datt alles dat zesummen an engem Geescht vu Kooperatioun tëschent deene verschiddenen Acteuren an der ADEM, mä awer och mat de Partner dobaussen, ons erlaabt, de Chômage hei zu Lëtzebuerg zrëckzebréngen an effektiv, esou wéi ech dat virdru gesot hunn, d'Initiativ op onsem Aarbechtsmaart erëmzekeréien.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Aarbechtsminister. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss.

3. Ordre du jour

Mir kënnen am Moment net iwwert de Projet ofstëmmen, well mer e Problem mat eiser Ofstëmmungsmaschinn hunn. Mir mussen also de Vote méi spët virhuelen.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

► **M. le Président.**- Ech wollt lech och soen, datt mer d'Sitzung herno kuerz wäerten ënnerbriechen. Nodeems mer nach iwwert de Médiateur ofgestëmmt hunn an och nach nom Projet de loi iwwert d'Ännerung vum Code du travail maache mer eng kuerz Ënnerbriechung, an um hallwer zwou geet d'Sitzung dann erëm virun.

4. Nomination d'un médiateur

Gutt, elo kéime mer dann zu eise nachste Punkt: Sou wéi d'Artikelen 127 bis 131 vum Chambersreglement et festhalen, ass d'Chamber dozou opgeruff, haut de Moien e Médiateur ze bezeichnen. D'Lëscht vun de Kandidaten ass un d'Deputéiert verdeelt ginn, d'Désignatioun vum Médiateur erfollegt duerch eng Majoritéit vun deenen Deputéierten, déi präsent sinn.

D'Chambersreglement gesäit vir, datt d'Ofstëmmung geheim a perséinlech ass. Et därf also net par procuration gestëmmt ginn. Dir sidd also gebieden, lech fir eng Kandidatur um Stëmmziedel ze entscheeden.

Ech géif dann eis Huissiere bidden, d'Stëmmziedelen auszedeelen.

Vote secret

Sou! Ech maachen dann elo den Appel nominal, fir d'Stëmmziedelen anzesammelen.

Appel nominal

Den Här Adam, d'Madame Adehm, d'Madame Andrich-Duval, den Här Angel, d'Madame Arendt, den Här Bauler, den Här Bausch, den Här Berger, den Här Bettel, den Här Boden, den Här Bodry, d'Madame Brasseur, den Här Braz, den Här Clement, den Här Colombara, d'Madame Dall'Agnol, den Här Diederich, d'Madame Doerner, den Här Eicher, den Här Eischen, d'Madame Err, den Herr Eten, den Här Fayot, d'Madame Frank, den Här Gibéryen, den Här Gira, den Här Gloden, den Här Haagen, den Här Hauptert, den Här Helminge, den Här Henckes, den Här Kaes, den Här Kartheiser, den Här Klein, den Här Kox, den Här Lies, d'Madame Lorsché, d'Madame Loschetter, den Här Lux, den Här Meisch, d'Madame Mergen, den

Här Meyers, ech selwer, d'Madame Mutsch, den Här Negri, den Här Oberweis, d'Madame Polfer, den Här Roth, den Här Schaaf, den Här Scheuer, d'Madame Scholtes, den Här Spautz, d'Madame Spautz, den Här Urbany, den Här Wagner, den Här Weber, den Här Weiler, den Här Weydert, den Här Wilmes an den Här Wolter.

Huet jiddweree säi Stëmmziedel ofginn?

(Assentiment)

Dat schéngt de Fall ze sinn.

Da gëtt d'Sitzung ënnerbrach.

(Suspension de la séance publique à 11.54 heures)

(Reprise de la séance publique à 12.00 heures)

D'Sitzung geet erëm weider.

D'Stëmmziedele si folgendermoossen opgedeelt: Total vun de Stëmmziedelen: 55. Domadder ass déi noutwendeg Majoritéit, esou wéi se am Gesetzestext virgesinn ass, 28. Déi Stëmme verdeele sech folgendermoossen: fir d'Madame Lydie Err: 44 Stëmme, fir den Här Roy Reding: 3 Stëmme, a wäiss Ziedelen: 8. D'Majoritéit ass also mat 28 Stëmme - an also am Ganze 44 Stëmme - fir d'Madame Lydie Err erreecht, esou datt si domadder als Médiateur gewielt ass.

(Applaudissements)

Meng Félicitatiounen un d'Madame Err. Mir wënschen hir bonne Chance fir hiert neit Mandat.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6374, enger Ofännerung vum Code du travail. D'Riezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech ageschriwwen: déi Häre Wilmes a Bauler. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

5. 6374 - Projet de loi portant

1. modification de l'article L.211-11 du Code du Travail;

2. modification de la loi modifiée du 17 février 2009 portant 1. modification de l'article L.511-12 du Code du Travail; 2. dérogeant, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail;

3. modification de la loi modifiée du 11 novembre 2009 portant 1. concernant certaines mesures temporaires visant à atténuer les effets de la crise économique sur l'emploi des jeunes; 2. modifiant certaines dispositions du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

► **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Finanzkris, d'Wirtschaftskris a steigende Chômage begleet eis an dëse Méint permanent. De Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmmen, proposéiert an dem Kontext vum Chômage eng Verlängerung vu verschiddene Moosnamen vum Aarbechtsrecht ëm e weidert Joer, bis zum 31. Dezember 2012. Spéitstens säit de Statec seng Note de conjoncture vum November 2011 publizéiert huet, wësse mer, dass eng Verbesserung vun de wirtschaftlechen Zuelen an domat eng Verbesserung vun den Zuelen um Aarbechtsmaart nach net a Siicht ass, mais bien au contraire.

De lëtzebuergeschen Aarbechtsmaart huet während dem zweeten Trimester 2011 leider nees eng Hausse vun der Aarbechtslosegkeet verzechent a klëmmt mat sechs Prozent am Oktober dëst Joer op den Niveau vun 2010. Wann ee bedenkt, dass am Moment ronn 15.000 Leit op der Sich no enger Aarbecht sinn, an do sinn déi, déi zurzäit an enger Mesure sinn, net dragerechent, da gëtt ee sech dem Eescht vun der Situatioun voll bewosst.

De Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmmen, dréit dëse besuergnisserregende Provisioun Rechnung a verlängert dofir ëm ee weidert Joer folgend dräi Moosnamen, déi soss den 31. Dezember dëst Joer respektiv den 2. Januar 2012 auslafe géifen, an zwar: éischters, d'Dispositioun iwwert d'Applikatioun vun der sougenannter Période de référence; zweetens,



d'Flexibiliséierung vun den Dispositionne vum Chômage partiel; an drëttens, d'Beschäftigungsmoossname géint de Jugendchômage.

Här President, déi éischt Mesure geet op d'Gesetz vum 24. Juli 2007 zréck, wou den Artikel 211-11 vum Code du Travail iwwert d'Période de travail an engem deementsprieche Plan d'organisation du travail, POT, bis den 1. Januar 2012 verlängert gouf an elo haut nach emol bis den 31. Dezember 2012.

D'Mesure vun enger Période de travail beinhalt, dass e Betrib, deen a Schwieeregkeeten ass, d'Méiglechkeet kritt, während véier Wochen hannerree seng Aarbechtszäiten esou flexibel ze gestalten, ouni awer d'Moyenne vun der 40-Stonnen-Woch insgesamt ze iwwerschreiden. Heifir muss de Betrib e Plan d'organisation du travail, POT, zesumme mat de Gewerkschaften, opstellen an och genehmege loossen.

D'Evaluatioun vun där Mesure sollt sengerzäit bis zum Zäitraum vum 31. Juli 2011 gemaach ginn, an dat gëtt haut och nach eemol am Gesetz réitériert. Dës éischt Mesure ass fir de Statsbudget käschtenneutral.

Déi zweet Mesure geet op d'Gesetz vum 17. Februar 2009 zréck an ännert d'Artikelen 511-5, -7 an -12 am Code du Travail. Dëst war eng Krisemoossnam mat der konkreter Zilsetzung, d'Beschäftegung ze erhalen an deene Betriber, déi a konjunkturelle Problemer stiechen, duerch Kuerzaarbecht ënnert d'Äerm ze gräifen. Dës Moossnam huet also kloer gewisen, dass et eng Alternativ zu Entloossunge gëtt.

An de Joren 2008 an 2009 gouf et een enormen Usturm vu Betriber, déi gefrot hunn, „kuerz“ ze schaffen. Den absolute Maximum war am Mee 2009 erreecht, wou net manner wéi 154 Betriber eng Ufro op Kuerzaarbecht gestallt hunn. Déi liicht wirtschaftlech Reprise um Enn vum Joer 2009 huet dann och zu enger Baisse vun den Ufroen op Kuerzaarbecht gefouert. Leider war dës Reprise nëmme vu kuerzer Dauer, a säit September vun dësem Joer ginn d'Ufroen fir Kuerzaarbecht nees an d'Luucht a louchen am Oktober 2011 bei 32, wouvun der 26 als favorabel aviséiert goufen.

Mat der Méiglechkeet vum Chômage partiel évitéiere mir nach méi eng grouss Unzuel un Aarbechtslosen a mir ginn de Betriber d'Chance, hir Aktivitéit, wann och an engem reduzéierte Mooss, weiderzeféieren. Dës zweet Mesure gëtt iwwert de Fonds pour l'emploi finanziert. Heibäi goufen 2009 61,5 Milliounen Euro, 2010 22 Milliounen Euro a bis den 1. Juni 2011 5,2 Milliounen ausbezuel.

Déi drëtt Mesure verlängert d'Dispositionne vum Gesetz vum 11. November 2009 iwwert de Jugendchômage, mam Zil, de Jonken eng besser Chance um Aarbechtsmaart ze garantéieren.

Am Hierscht 2009 goufen dozou dräi Moossname gestëmmt:

Éischstens, de Contrat d'appui emploi, CAE, dee säit 2006 besteet a sech op den öffentleche Secteur an op Jonker ënner 30 Joer bezitt an elo op Jonker mat engem Diplom ausgedehnt gëtt. Do virdru war dëst just limitéiert op Leit ouni Qualifikatioun.

Déi zweet Mesure, de Contrat d'initiation à l'emploi, CIE, och 2006 agefouert, an dee sech un de Privatesektor richt, gouf ebenfalls och fir Jonker mat engem Diplom opgemaach. Dës Stage soll duerch Sammele vun enger éischter Berufserfahrung d'Chance op eng Feststellung eropschrauwen.

An dann drëttens, de Contrat d'initiation à l'emploi-expérience pratique, CIE-EP oder Praktikum genannt, deen 2009 nei agefouert gouf a sech un de Privatesektor richt a speziell u jonk Leit mat engem Diplom. Déi beruflech Erfahrung soll an hirem Diplom duerno och eng Plus-value fir si duerstellen.

Am Oktober dëst Joer waren 3.973 Jonker ënner 30 Joer als Demandeurs d'emploi bei der ADEM ageschriwwen. Den Taux louch bei 26,8% vun allen Demandeurs d'emploi. Dat ass zwar e lichte Réckgang par rapport zum leschte Joer, mä ass nach ëmmer vill ze vill héich.

Am Moment sinn 282 Jonker an engem CAE, 932 an engem CIE, an dovunner 194 an engem CIE-EP. Dat heescht, am Ganze profitéieren zurzäit 1.214 Jonker vun dësen Moossnamen. Kritiken, dass dës Moossname virun allem bëlleg Aarbechtskraaft fir Betriber schafen an dës dovunner profitéiere wäerten amplaz déi Jonk, sinn a rezenten Evaluatiounen vum CEPS zum Deel widderleecht ginn.

Éischt positiv Resultater ginn et beim CIE, wat d'Ustellungen ugeet. En plus si keng Abusë vu

Säite vun de Betriber festgestallt ginn. Eng komplett Evaluatioun vun all de Moossnamen ass awer wichteg. An am Numm vun der Kommissioun erwaarden ech mer, dass mer dëst am Laf vum nächste Joer virgeluecht kréien. Dës drëtt Mesure géint de Chômage des jeunes huet de Fonds pour l'emploi 2010 10,25 Milliounen Euro kascht an dëst Joer bis den 31. Oktober 2011 5,45 Milliounen.

Här President, fir um Aarbechtsmaart an dës wirtschaftlech schwierigen Zäiten dem Chômage besser entgéint kënnen ze wirken, leeë mer lech haut mat dësem Projet de loi dräi konkret Moossnamen am Aarbechtsrecht vir.

An domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Negri. Als nächste Riedner ass den Här Wilmes agedroen. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Serge Wilmes (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport an lech gläichzäiteg verodden, dass d'CSV-Fraktioun averstanen ass, fir déi gesetzlech Bestëmmungen vum Aarbechtsrecht, déi hei sollen ëm ee Joer verlängert ginn, dass dat soll geschéien, well fir eis ass dës Verlängerung einfach néideg, well se schlusslech jo och Mesuren um Liewen hält, déi et de Betriber a besonnesch deene Jonken erlaben, déi keng Plaz fannen, fir kënnen méi einfach duerch déi dach schwéier wirtschaftlech Zäiten ze kommen.

Se ofzelehen oder se net ze verlängeren heescht dann also och, fir déi negativ Konsequenzen, wat dat ze bedeuten hätt fir déi Betriber an déi Persounen, mussen riichtzestoen.

De Jo vun der CSV ass allerdéngs kee blanne Jo, well mir sinn ons kloer an et ass eis bewusst, dass dës Mesuren net kënnen onendlech éiweg erëm temporär vu Joer zu Joer verlängert ginn, well se jo à la base ganz bewusst och nëmmen zäitlech begrenzt gi sinn.

Deemno stellt sech also och fir eis eng Käier seriö d'Fro, wat mer mat deene Mesuren do maachen, ob mer eng Käier eppes Definitives draus maachen. Well als éiwege Provisorium kënnen mer se schlecht bestoe loossen, dat schonn eleng weinst juristesche Bedenken, déi de Statsrot jo och a sengem Avis zum Gesetzesprojet richteg formuléiert huet.

Fir allerdéngs kënnen ze wëssen, wat mer mat deene Bestëmmungen do solle maachen, ass et wichteg, fir datt mer emol fir d'Éischt eng seriö Analys op den Dësch leeën, a fir erauszefannen, wat dann iwwerhaupt déi Mesurë bruecht hunn, ob se effikass sinn um Terrain. Dat gëllt am Prinzip fir all déi Mesuren, iwwert déi mer haut hei schwätzen, mä ganz besonnesch fir déi Mesuren, déi déi jonk Chômeure betreffen. Well mir kënnen eis einfach net erlaben, fir all Joer weiderhin Honnerte vu Jonker ouni Perspektive léns leien ze loossen.

Dofir ass jo och grad am Joer 2006 e groussen Effort gemaach ginn, wéi mer déi Beschäftigungsmesuren, déi scho bestanen hu fir déi jonk Chômeuren, op de Leescht geholl hunn a se verbessert hunn, andeems mer se op zwou reduzéiert hunn. An zwar op där enger Säit war dat dee Contrat d'appui emploi fir dee staatlleche Beräich, op där anerer Säit de Contrat d'initiation à l'emploi fir de private Secteur. Geduecht waren déi Mesurë jo virun allem, fir et deene Jonken, déi keng Qualifikatioun hunn oder awer nëmmen eng ganz niddreg Qualifikatioun hunn, och ze erméiglechen, fir kënnen besser um Aarbechtsmaart Fouss ze faassen.

2009 sinn dunn dës Mesurë weinst der Kris och op déi Jonk, déi en Diplom hunn, ausgedehnt ginn, well och déi, hu mer festgestallt, Problemer haten, fir dee Moment eng Plaz ze fannen. An 2010 hu mer jo dunn decidéiert gehat, fir dës temporär Mesuren ëm e Joer ze verlängeren. Gläichzäiteg ass awer gesot ginn, dass mer onbedéngt missten eng Analys dovunner maachen, fir ze kucken, wat se um Terrain bruecht hunn.

Dat ass awer bis haut nach net geschitt. Dat soll dann d'nächst Joer nogeholl ginn. Elo kann een ebe soen, dass deen initial geplangten Zäitraum vläicht ze kuerz war. Mä esou oder esou ass et fir eis als CSV wichteg, dass dës Evaluatioun an deenen nächste Méint gemaach gëtt, an dat eben net nëmme fir dës temporär Mesuren, mä nach och eng Käier fir den CIE an den CAE am Groussen a Ganzen. Well nëmmen esou kënnen mer eis, wéi ech dat elo schonn zweemol gesot hunn, e konkret Bild maachen, wat mat deene Jonke wierklech do um Terrain och geschitt.

An hei ginn eis, Här President, och plakeg Zuelen, wéi vill Jonker dann elo bei engem Patron

ënnerkomm sinn oder net, net einfach duer. Wichteg ass fir ons villméi, dass mer e Profil vun deene Jonke kréien, dass mer wëssen, wat genee mat hinnen an hirer Mesure gemaach ginn ass. Hu se eng Formatioun kritt, déi et hinnen erlaabt, fir méi séier eng geregelt Aarbechtsplaz ze fannen? Oder wat nach besser wier: Konnt ee se iwwerzeegen, och eng formell Qualifikatioun nozehuelen?

Well de Fait, fir eng Beschäftegung ze hunn, ass jo ganz gutt, fir nees kënnen an e geregelte Liewens- an Aarbechtsrhythmus ze kommen oder ze bleiwen, mä dat eleng geet awer net duer, fir deene Jonken eng Chance ze ginn, fir sech kënnen definitiv och um Aarbechtsmaart ze integréieren. Well Formatioun a Weiterbildung sinn och hei Schlüsselementer, ebe ganz besonnesch vun deene Mesuren, déi déi Jonk betreffen. An nëmmen, wann déi och konsequent ugebuede ginn, da gëtt och de Geescht vun deem Gesetz hei respektéiert.

Dobäi geet et awer fir eis hei net nëmmen ëm déi Vermëttlung vun deem formelle Wëssen, mä et geet och ëm d'Vermëttlung vu soziale Fäegkeeten, well et muss een nämlech wëssen, dass vill vun deene Jonken, déi keng Aarbechtsplaz fannen, well se d'Schoul ofgebrach hunn a se meeschtens och ouni Diplom verlooos hunn, dacks net nëmme schoulmëttel sinn, mä eben och grouss Defiziter, zemoos um Niveau vun deene sougenannte Sozialkompetenzen, hunn.

Dofir misste mer kucken, wéi mer deene Jonken iwwert de Wee vun de Beschäftigungsmesuren och kënnen déi dote Fäegkeete vermëttelen. Fir d'CSV géif sech hei besonnesch eben de Contrat d'appui emploi ubidden, well deen eng méi staark éducativ Vocatioun huet wéi den CIE, dee vill méi praktesch ausgericht ass. An esou wier et da vläicht interessant, wann den Éducatiounsministère sech géif mam Aarbechtsministère zesummesetzen, fir Méiglechkeeten ze schafen, wéi een dësem Zil och kéint gerecht ginn.

Eng Pist wier fir ons, fir zum Beispill do och Konscht a Sport als Outil fir d'Vermëttlung vun dësen Sozialkompetenzen anzusetzen, an dat grad, well dës Jonker, wéi ech virdru gesot hunn, ebe schoulmëttel sinn a se net méi fir eng traditionell schoulesch Formatioun a Fro kommen. Et gëtt och do schonn eng Rei vun interessante Projeten, mä onofhängeg dovunner ass et fir eis awer decisiv, dass mer all déi Mesuren, vun deene mer haut ebe schwätzen, eng Käier am Fong nokucken an oppen iwwer hir Finalitéit an Effikassitéit schwätzen.

Zum Schluss rappeléieren ech eben nach eng Käier: D'CSV ass d'accord fir déi Verlängerung, mä ënnert der Bedéngung, dass se eng Käier wierklech och op de Leescht geholl an eng Analys bis spéitstens Métt 2012 gemaach gëtt.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Wilmes. Als nächsten an als leschte Riedner ass den Här Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt dem Roger Negri en hærzleche Merci fir säin ausféierleche schrëftlechen a mündleche Rapport. Mat deem virliedende Gesetzesprojet gëtt e Package u Moossname gestëmmt, déi mir als DP awer net einfach esou matdroe kënnen. Engersäits si mir zwar nach eng Käier d'accord am Kontext vun der Scholden- a Wirtschaftskris, Moossnamen ze ënnerstëtzen, mat deene Betriber gehollef kréien, déi duerch déi negativ konjunkturell Entwécklung vum Chômage partiel betraff sinn.

Ech bedauern iwwerens, dass déi an der leschter Tripartite decidéiert Weiterbildungsprogrammer fir Salariéen, déi am Chômage partiel sinn, kaum ëmgəsət goufen. Dat krute mer iwwerens vu Gewerkschaftssäit direkt bestätegt.

Anerersäits wëllt meng Fraktioun net, dass mer nach eng Käier d'Moossnamen en faveur vun der Bekämpfung vun der Jugendaarbechtslosigkeit verlängeren. Mir haten eis eréischt virun engem Joer dergéint ausgeschat, well mer mieren, dass dës Mesurë villfach net zum gewënschten Erfolleg féieren, a well mer der Iwwerzeegung sinn, dass ee bei der Jugendaarbechtslosigkeit den Hiewel grondsätzlech anescht muss usetzen, nämlech bei der Schoulpolitik, déi den Akzent besonnesch op eng systematesch Orientéierung leeë muss an déi den eenzelne Schüler wesentlech méi fördern a fuerdere muss.

Dëst gesot a well jo iwwert dës Moossnamen net separat ofgestëmmt soll ginn, wollt ech lech matdeelen, dass meng Fraktioun sech bei dësem Text enthalte wäert.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci. Dann huet nach d'Madame Loschetter d'Wuert gefrot.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Ech wëll just soen, dass déi gréng Fraktioun sech och wäert bei deem Projet enthalten. Déi Mesuren, déi aus dem Projet 5611 erausgewuess sinn, ech mengen, do hu mer ons genuch virdrun dozou geäussert. Mir enthalten eis awer, well mer vun deenen anere Mesuren awer mengen, dass déi vläicht kéinten nach e Joer Sënn maachen. An dofir wollt mer net dergéint stëmmen.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Loschetter. Da kritt nach den Här Aarbechtsminister Nicolas Schmit d'Wuert.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.** - Merci. Ech bleiwen hei, fir datt et nach méi séier geet.

Ech mengen, fir d'Éischt de Chômage partiel. Et ass gesot ginn: „Mir liewen an onsécheren Zäiten.“ Mir spieren och, dass de Chômage partiel erëm méi an d'Luucht geet, nodeems en drastesch gefall war. Et ass also wichteg, dat Instrument, wat ons erlaabt huet, ouni ze vill grouss Problemer mat ville Betriber iwwert d'Ronnen ze kommen, ouni massiv Licenciementer, mir brauchen dat Instrument och fir d'Zukunft, esou wéi et am Projet verlängert gëtt.

Fir déi Jonk. Ech géif soen, éischstens stelle mer fest, dass Lëtzebuerg awer net zu deene Länner gehéiert, wou de Chômage des jeunes dramatesch ass. Mir leie leider nëmmen op véierter Plaz an der Europäescher Unioun. Dat ass net gutt. All Jonken, deen eng Aarbecht sicht a keng Aarbecht fënnt, ass ee Jonken ze vill. An duerfir musse mer deene Jonken eng Garantie ginn.

An ech soen dat hei ganz kloer - an dat ass och eng Obligatioun fir d'ADEM, vu dass mer virdrun iwwert d'ADEM geschwat hunn -: All Jonke muss bannent véier Méint - an ech hoffen, dass op dräi Méint kënnen zréckzestufen - entweder an enger Aarbechtsplaz sinn oder an enger Mesure, wou en, wann de Besoin besteet, eng Formatioun kritt, oder erëm zréck an d'Schoul goen.

Dat ass eng Garantie, déi mer all Jonkem an dësem Land schëlleg sinn. Mir dierfe kee jonke Mënsch einfach op der Säit loossen, op der Streck loossen an u sech säi Liewenswee, seng professionell Carrière schonn am Ufank beanträchtegen. Ech mengen, dass ass eng Obligatioun, déi mer hunn.

An ech mengen, déi Mesuren hei, déi sinn natierlech net ideal. Déi droen awer derzou bäi, ville Jonken an dëser onsécherer Zäit, an dëser Zäit, wou d'Entreprisen hésitéieren, Leit anzustellen, eng Chance ze ginn. Et ass net eng Idealvirstellung. Fir mech ass och eng Idealvirstellung: All Jonke kënt aus der Schoul a fënnt muer eng Aarbechtsplaz. Mä leider ass dat besonnesch an dëser Zäit net esou einfach.

Leschte Punkt: d'Evaluatioun. Natierlech mussen mer evaluéieren, a mir hu jo och éischt Evaluatiounen gemaach. Déi weisen:

éischstens, dass net Abus gemaach ginn ass mat deene Mesurë vu Säite vun den Entrepreneuren;

dass awer grosso modo een Drëttel vun deene Jonken, besonnesch beim CIE, eng Aarbecht direkt fënnt, an normalerweis an deem Betrib, wou e säin CIE gemaach huet;

dass den CAE Schwächten huet. Mä och déi Schwächte si mer amgaangen opzeschaffen. Mir gesinn elo ganz kloer am CIE e bessere Suivi fir eng Formatioun, esou wéi den Här Wilmes dat gesot huet, déi och op déi sozial Kompetenzen ausgericht ass, besonnesch fir déi Jonk, déi schwach sinn, déi grouss Defiziter op deem Plang hunn. An natierlech och komplexementär Formatiounen, fir d'Employabilitéit ze verbessern.

Dat ass also eng ganz Démarche. Wa mer wëllen, dass deen CAE Sënn mécht, da brauche mer déi Démarche, well soss ass effektiv déi Mesure net méi utile.

D'Evaluatioun ass e schwierigen Exercice, well Dir musst jo beweisen, dass wann deen Jonken déi Mesure net gehat hätt, en dann an enger Situatioun wier, déi entweder besser oder méi schlecht wier. A par Definitioun kënt Der dat jo ganz schwierig beweisen. Net mir eleng stinn an der Schwieeregkeet, fir esou Démarchen ze maachen. Mä ech garantéieren lech, dass et d'nächst Joer keng einfach Verlängerung wäert ginn oder eng Ofschaffung, ouni eng detailléiert Analys vun deene Mesurë gemaach ze hunn.

Dat ass en Engagement, dass ech hei ganz kloer huelen. Ech mengen, mir mussen elo och... Duerch d'Onsécherheet vun der ekonomescher Situatioun wier et net responsabel, einfach opzehalen, mä mir brauchen Distanz. Well och déi Mesuren, déi si fir eng ganz Rei Leit nach net ausgelaf, well déi sinn 2009 ugefaangen a fir Verschiddener zwee Joer; déi lafen elo eréischt



aus. Déi Éischt, déi erakomm sinn, ganz oft, halen elo érischt op oder hunn elo érischt just opgehalen. Mä wann dat geschitt ass, da wäerte mer déi Évaluation qualitative, esou wéi se genannt gëtt, absolut maachen.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Aarbechtsminister.

Domadder wiere mer um Enn vun dëser Diskussioun. Ech géif lech elo nach eng Kéier proposéieren, datt mer Punkt eng Auer erëm viruere mat eisen Debatten. Um eng Auer gëtt och direkt ofgestëmmt iwwert déi zwee Projeten, iwwert déi mer de Moien net konnten ofstëmmen.

Domadder wier elo emol d'Sitzung bis eng Auer ënnerbrach.

Ech soen lech Merci.

La séance est suspendue à 12.21 heures.

La séance est reprise à 13.04 heures.

D'Sitzung ass op.

Ech géif lech proposéieren, datt mer direkt géifen ufänke mat deem éischte Projet de loi, nämlech deem iwwert den Affekotberuff. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Bettel, Bodry, Braz an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

6. 5660B - Projet de loi concernant l'exercice de la profession d'avocat sous forme d'une personne morale et modifiant

1. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

2. les articles 2273 et 2276 du Code civil

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, de Gesetzesprojet 5660B mécht eng Rei Ännerungen um Affekotegesetz.

Hauptännerung ass déi: D'Affekote kënnen an Zukunft hire Beruff ënnert der Form vun enger kommerzieller Gesellschaft ausüben.

Et ginn deemno an Zukunft dräi Formen, ënnert där een Affekot kann exercéieren: éischstens als eleng schaffenden Affekot; zweetens als Member vun enger Affekotenassociatioun, oder drëtt Méiglechkeet, an dat ass nei, am Kader vun enger Affekotegesellschaft.

Den Ënnerschied tëschent enger Affekotegesellschaft an enger Associatioun ass deen, dass d'Gesellschaft eng eege juristesche Personalitéit huet an och als solch an Zukunft um Barreau agedroe gëtt.

Dorausser ergi sech natierlech eng Rei vu Froen. Éischstens: Firwat iwwerhaupt eng Affekotegesellschaft?

Mä dat gëtt et schonns am Ausland an och an eisen Nopeschlänner. De Choix, fir e sougenannte liberale Beruff ënnert der Form vun enger Gesellschaft auszeüben, ass och hei am Land net nei. Dat gëtt et schonns fir d'Architekten, d'Ingenieuren, d'Réviseurs d'entreprises an d'Experts-comptables.

De Bedarf, fir eng Affekotegesellschaft ze schaffen, kënn virun allem vu groussen Affekoten-étuden hei am Land, déi oft vernetzt mat auslännesche Confrères zesummeschaffen.

(Brouhaha)

► **M. le Président.**- Ech bieden lech, dem Här Rapporteur nozelauschteren!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.**- Wat ass dann elo d'Form vun esou enger Affekotegesellschaft?

Mä si musse sech als kommerziell Gesellschaft gemäß dem allgemenge Lëtzebuerger Gesellschaftsrecht opstellen. Dat kann also eng Personengesellschaft sinn oder eng Kapitalgesellschaft wéi eng Société anonyme oder souguer eng S.à r.l. Och eng sougenannten „Société unipersonnelle“, also eng Eepersonengesellschaft ass méiglech.

D'Form vun der Affekotegesellschaft ass kommerziell. Hire Gesellschaftszweck ass awer zivil. Dat heescht also, dass d'Affekote keng Geschäftsleit ginn, am gesetzleche Sënn vum Wuert. D'Gesetz gesäit nämlech ausdrécklech vir, dass een Affekot net zugläich ka Gérant vun engem Geschäfts-, Handwierks- oder Industriebetrieb ka ginn.

Hie kann och net gläichzäiteg Assurancenagent spille respektiv Finanzdëngeschtleeschunge maachen, wéi e sougenannte PSF.

Een Affekot kann awer weiderhi Member an engem Verwaltungsrot sinn. Hie kann och Gesellschaften bei sech domiciliéieren.

Wéi ass et dann elo mat de Steieren, déi eng Affekotegesellschaft muss bezuelen?

Eng Affekotegesellschaft muss Betrëbssteuer an och Gewerbesteier bezuelen. Si kann also net Wénkelaaffekot spillen a soen, well si een zivile Gesellschaftszweck hätt, wier si vun der Gewerbesteier befreit.

D'Artikelen 2 aus dem Gewerbesteiergesetz respektiv 159 an 162 aus dem Akommessteiergesetz regelen dat. Ech soen dat hei daitlech, well et den ausdréckleche Wëlle vun dem Gesetzgeber ass, fir d'Affekoten hei keng Extrawurscht ze broden. Och Architekten, déi ënner enger Gesellschaft schaffen, bezuele Gewerbesteier. Iwwregens huet de Barreau dës Liesaart vun der Commission juridique esou och novollzunn. Si ass am schrëftleche Rapport daitlech detailléiert.

Véiert Fro ass déi: Wat sinn dann elo déi konkret Ufuerderungen un eng Affekotegesellschaft?

Majo, si muss sech formell op dem Barreau als solch aschreiwen. Si muss all Berufsufoerderungen erfëllen, déi och en eenzelnen Affekot muss hunn. Dat heescht, dass nëmmen Affekote kënnen Associéen an enger Affekoten-étude sinn.

Et geet also net, dass zum Beispill e räiche Geschäftsmann géif esou eng Étude féieren. An den Exekutivorganen vun der Affekotegesellschaft dierfen och nëmmen Affekote setzen, mä net zum Beispill e Réviseur d'entreprises. Hei spillt d'Eenheet vun dem Beruff. Et gëtt keng berufflech iwwergräifend Multidisziplinaritéit.

Eng Affekotegesellschaft kann e sougenannten Acte d'avoué maachen. Zum Beispill Zivilakte wéi Scheedungen, eng Affär um Verwaltungsgericht oder Cassatioun. D'Gesellschaft brauch awer duerfir als Associé een Avocat à la Cour vun der Lëscht 1 vum Barreau, deen eng sougenannten Influence significative an der Gesellschaft huet. Op Lëtzebuerger heescht dat, do muss eppes ze soen hunn. Et dierf also kee Stréimann sinn.

Eng Affekotegesellschaft kann och a Faillite erkläert ginn, grad wéi eng aner kommerziell Gesellschaft. D'Iwwerdroe vun de Gesellschaftsparten tëschent den Associéen, déi muss an de Statute vun der Gesellschaft geregelt ginn. Dat ass wichteg, well jo nëmmen Leit, déi Affekot sinn, kënnen Associé vun enger Affekotegesellschaft sinn. Dass et do emol zu Reiweieren oder, fir et fein ze soen, zu ënnerschiedleche Vuë ka kommen tëschent den Ierwe vun engem verstuerwenen Associé an deenen anere Partnern, dat dierft och an Affekotekreesser deemächst net ausbleiwen. De Gesetzesprojet regelt dat selwer net, mä verweist, wéi virdru gesot, op d'Statuten.

Fënneft Fro ass déi: Wéi steet et dann elo mat der Verantwortung vun enger Affekotegesellschaft?

Mä déi ass duerch déi üblech Regeln, déi sougenannten Droits communs vun dem Gesellschaftsrecht geregelt. Wann en Affekot e Beruffsfeeler mécht, zum Beispill en Délai d'appel verluppt, dann ass dat d'Affekotegesellschaft, déi derfir haftbar ass vis-à-vis vun dem Client.

D'Affekotegesellschaft fällt mat dem Aschreiwen um Barreau automatesch ënnert d'Gemeinschaftsversicherung vun dem Barreau, déi bis zwou an eng hallé Millioun Euro pro Sinister geet. Individuell Berufsversicherungen, déi do iwwer erausginn, sinn natierlech méiglech. De Client huet op deem Punkt also keen Nodeel doduerch, dass e vun enger Affekotegesellschaft vertruede gëtt.

Sechst Fro ass déi: Wéi steet et dann elo mat den auslänneschen Affekotenétuden?

Mä déi kënnen sech och als solch um Barreau hei zu Lëtzebuerg oder zu Dikrech aschreiwen. Si müssen awer an hirem Ursprungsland als Affekot zougelooos sinn. Si müssen och hei am Land déi Konditioun erfëllen, déi bei engem auslänneschen Affekot spillen, dee sech als Eenzelpersoun op dem Barreau aschreift. Eng däitsch Steuerberodungsgesellschaft ka sech net um Lëtzebuerger Barreau als Affekot androen. Dat geet jo iwwregens och net zum Beispill fir eng Lëtzebuerger Fiduciaire.

Siwent Fro: Wou kann dann elo een Affekot oder eng Affekotegesellschaft sech etabléieren?

Och dat ass nei. An zwar an Zukunft am ganze Land. Bis elo konnt en Affekot nëmmen an der Stad, zu Dikrech oder zu Esch sech etabléieren. Mat dësem Gesetzesprojet kann een dat an Zukunft am ganze Land maachen. Een Affekot

kann also zum Beispill seng Étude zu Diddeleng, zu Miersch oder op der Musel hunn. Eng Affekotegesellschaft dann, déi ka sech och souguer an enger Zone d'activités néierloossen.

Den Affekot oder d'Affekotegesellschaft ass op deem Barreau registréiert vun dem Gerichtsbezirk, wou de Cabinet etabléiert ass. Zum Beispill eng Affekotenétude zu Réiser, déi kann net um Barreau zu Dikrech ageschriwwen ginn.

Een Affekot kann och nëmmen Member an enger Affekotegesellschaft sinn. Hie kéint awer zum Beispill als eleng schaffenden Affekot zu Dikrech sinn a Member vun enger Affekotegesellschaft hei an der Stad.

Aacht Fro: Wat gëtt dann nach an dem Gesetzesprojet geregelt?

Mä et ginn nach eng Rei vu Präzisiounen iwwert den Oflaf vun der Generalversammlung vum Barreau, well mir de Moment - nu lauschtert gutt! - 1.700 Affekoten zu Lëtzebuerg hunn an déi aktuell Regele fir den Oflaf vun der Assemblée générale vun dem Barreau dëser grousser Zuel net méi ugepasst ass.

Et ginn och nach eng Rei Upassungen am Disziplinarverfahre géint een Affekot, fir deem Rechnung ze droen, dass zukünftig de Beruff och als Member vun enger Affekotegesellschaft kann ausgeübt ginn. Zum Beispill wann een individuell Verfeele vun engem Affekot virläit, bedeit dat net automatesch eng Disziplinarstrof géint d'Affekotegesellschaft, wou ee Member ass.

Néngt a lescht Fro zu dem Projet: Firwat huet et da bal fënnef Joer gedauert, dass dëse Projet zur Ofstëmmung kënn?

Mä well et en däregen Dossier ass. Et gouf een urspréngleche Projet vun der Regierung schonns am Abrëll 2007. Dëse Projet gouf e puermol amendéiert vun der Commission juridique, well ee wollt eng sougenannte Société d'exercice libéral schafen, déi sech dann op méi Fräiberuffer, zum Beispill d'Architekten, d'Ingénieur-conseils, d'Experts-comptables an d'Réviseurs d'entreprises géif applizéieren.

Schlussendlech hu mir awer dovun ofgesinn, fir der Spezifitéit vun dem Affekotberuff hei besser Rechnung ze droen. De Statsrot, deen ass och duerfir net ganz zefridde mat der Orientéierung vun dem Gesetzesprojet, wéi se elo no x Amendementen virläit. Mä et gëtt, an dat soen ech kloer an daitlech, awer keng Opposition formelle.

Elo hu sech awer am Kontext vun der Analys vum Gesetzesprojet nach eng Rei Froen gestallt, wou de Minister och gär gehat hätt, dass dat an der Plénière hei géif abordéiert ginn. Et sinn zwou prinzipiell Froen, déi an deem Kontext weiderhin opbleiwen.

Déi éischt Fro ass déi, ob ee sollt wéi am angelsächsesche Recht, Här Bettel, eng Kéier eng Differenz maachen tëschent engem sougenannten Avocat plaideur an engem Avocat conseil.

De Barreau plädéiert fir d'Unicitéit vun dem Beruff, well e keng esou eng Trennung wëllt. An der Commission juridique, do ginn d'Froen, d'Vuene iwwert déi Fro awer auserseen. Verschidde Membere mengen, net zulescht weinst den néidege Sproochkenntnisser wier eng Opdeelung tëschent den Affekoten, déi plädéiere ginn, an engem reng berodenden Affekot am Sënn vun der Interesseverriedung vun dem Client.

Eng weider a vill méi quokeleg Fro, dat ass déi vun den néidege Sproochkenntnisser, déi en Affekot muss hunn. En Affekot muss hei zu Lëtzebuerg déi dräi administrativ Sproochen, nämlech Däitsch, Franséisch a Lëtzebuerger kennen.

Enn November 2011, also virun engem knappen Mount, ass awer eng sougenannte Procédure d'infraction vun der Europäescher Kommissioun géint eist Land ulafe gelooss ginn, weinst den Ufuerderungen, déi mir um Niveau vun de Sproochkenntnisser fir en Affekot stellen. Ursaach ass eng Reklamatioun vun engem europäeschen Affekot - et war e Spuenier -, deen dräi Joer hei als Affekot geschafft huet, mä de Sproochentest am Däitschen an am Lëtzebuerger net bestanen huet.

D'Europäesch Kommissioun, déi ass der Meinung, dass d'Exigenz vun der Kenntnis vun deenen dräi Sproochen net verhältnisméisseg wier. Den Affekot, deen hätt jo bewisen, dass e während dräi Joer hei um Barreau als Affekot geschafft hätt. E groussen Deel vun den Aktivitéiten vun engem Affekot kéint, der Kommissioun no, ee maachen ouni Lëtzebuerger oder Däitsch ze kënnen.

De Règlement d'ordre intérieur vun dem Affekotbarreau, dee géif, der Kommissioun no, och engem Affekot verbidden, Affären unzehuelen, wou en net déi néidege Kompetenzen a Fachkenntnisser hätt.

Drëtt Argument vun der Kommissioun, d'Franséisch, dat wier jo och déi offiziell Sprooch vun eise Journal officiel oder dem Memorial.

D'Europäesch Kommissioun, déi kënn deemno zur Konkusioun, dass en Affekot, deen nëmmen Franséisch géif schwätzen an och Sproochkenntnisser hätt, zumindest deelweis als Affekot hei am Land misst kënnen schaffen. An d'Affekotegesetz misst, der Kommissioun no, dahingehend geännert ginn, fir och Affekoten den Zougank zum Beruff ze erméiglechen, déi net déi dräi offiziell Sproochen géife beherrschen, quitte dass si nëmmen an deene Beräicher da géife schaffen, wou hir Sproochkenntnisser duerginn, soss géif Lëtzebuerg géint EU-Recht verstousen.

D'Regierung huet Zäit eigentlech bis Enn dëst Joer, fir hir Observatiounen zu där Fro op Bréisel ze schécken. D'Justizkommissioun huet de Barreau an de Minister zu där Prozedur héieren. De Barreau ass der Meinung, dass am Sënn vun enger gudder Verriedung vun dem Client déi dräi Sproochen, also Lëtzebuerger, Däitsch a Franséisch néideg sinn, dat net zulescht opgrond vun de Particularitéiten vun eiser Justiz.

Zum Beispill Protokoller vu Polizeiautoritéiten sinn an der Regel op Däitsch formuléiert; Clienten bei der Justice de paix, déi kënnen sech op Däitsch, Franséisch oder Lëtzebuerger ausdrécken; d'Vehéier, d'Comparution des parties an esou weider sinn eng Rei vun Argumenten, wou de Barreau seet, do muss een also déi dräi Sproochen, administrativ Sproochen hei aus dem Land kennen.

De Barreau vertritt also och hei d'Unicitéit vun dem Affekotberuff an ass deemno net der Meinung, dass zum Beispill een Affekot, deen nëmmen Berodung mécht, net misst déi dräi Sproochen beherrschen.

An der Justizkommissioun hunn d'Membere sech fir d'Bäibehale vun de Sproochkenntnisser Däitsch, Franséisch a Lëtzebuerger ausgeswat. Et gouf d'Fro vun den eventuelle finanziellen Konsequenzen opgeworf, am Fall wou déi Lëtzebuerger Argumentatioun net géif vu Bréisel oder dem Europäesche Gerichtshaff eventuell herno unerkannt ginn.

Här President, Dir gesitt also, dass mir zum Schluss vum Joer net déi einfachste Gesetzesprojeten haut nach op der Lee hunn. Nawell gouf de schrëftleche Rapport zu dem Affekotegesetz vun der Commission juridique ugeholl a si recommandéiert och, dëse Gesetzesprojet ze stëmmen.

Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Gilles Roth. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Xavier Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Merci, Här President. Ech mengen, den Här Roth huet schonns alles gesot, och dofir e grouse Merci. Mä et si just zwee kleng Punkten, wou ech drop agoe wollt.

Deen éischten ass, wéi gesot ginn ass, et muss een elo net méi als Affekot zu Dikrech, zu Esch oder an der Stad wunnen. Ech muss soen, dass dat och wichteg ass, well ganz vill Étudé sinn a Wunnquartieren am Moment etabléiert an och an Haiser, déi net dofir geduecht sinn an net konnten op aner Plaze sech installéieren goen, wéi dat awer elo de Fall wäert sinn, wann déi Gesetzgebung elo geännert gëtt. An ech mengen, dat ass en Avantage, dee selbstverständlech och grouss ass fir déi dräi Stied, déi concernéiert sinn.

Et ass och gesot gi vun der Sprooch, ech mengen, an deem heite Kontext, dat war eng Informatioun, déi mer vum Justizminister kritt hunn. Ech wëll net verheemlechen, dass de Barreau eng Positioun hat, d'Kommissioun eng Positioun hat, an dass ech, ech menge viru sechs oder siwe Joer, scho gesot hunn, dass mer de Risiko eng Kéier géife kréien an dass e System vun „barrister“ an „solicitor“, dat heescht vun deem, deen de Conseil mécht, an deem, dee plädéiere geet, vläicht eng Optioun wier.

Ech versti fir d'Professioun, dass et bestëmmt net wëschenswäert ass, fir de Beruff ausereenzerappen, dat heescht, dass ee géif zwou verschidde Carrière maachen. Ech gesinn awer, ech hunn Angscht awer, an ech wier och frou, wann de Minister mer kéint do vläicht e puer